

D'GESCHICHT

VON

LETZEBURGER COLLÈGE

DE STUDENTEN GEWIDMET

VON

P. K*.**



LETZEBUREG.

GEDRÉCKT BEI J. LAMORT, OP DER PLACE-DAAREN.

—
1843.



VIR - RI È D

IVER D'WIICHTEGKEET VUM COLLÈGE.



Wann een, deen d'Saache' blós noh hirem æussere' Schein beurtheelt, daat aalt, schmotzegt Gemæuer vum COLLÈGE betroit, da' kann en sech kaum denken, waat e' kostbare' Schaatz doan opbewahrt get. — An der Dood, de Collège as eng Noss mat enger batterer Schiël, dé over e' sésse' Kier an sech enthælt. — Over der froht, waat as wil dee' Schaatz an dee' Kier? — De Collège, deen as :

1° Den Centralponkt vun der Civilisation vum Letzeburger Land; d'as e' Bour, vun deem noh alle Seiten d'Bildung an d'Land ausflészt, an deem de Schmotz vun der Onwissenheet oofgewæsch get, an dodurch den æchte' Mensche'-Wierth sech a klichwider Letzeburger Hierz fille' lészt.

2° As de Letzeburger Collège nach e' Gesondheitsbour, a welchem moineg Menschen zech vum Bigotisme, Fanatisme an nach moinechen aanere' Krankheeten heele' kénne' loszen.

Letzeburger! d'Zeit as eriver, wó d'Burgheren an

d'Kléschter ièch enner e slavescht Joch gedréckt hoin; wó d'Dommheet sech vun der Onwessenheet hoit veréhre' geloost; wó eer't Glék an Onglék vun dem Welle' vun epoir eeres gleichen oofgehaangen hoit. — Haut as dé Zeit vergièst; d'franzésch Revolution hoit mat villen zeitlichen Ongléker daat Glék mat sech broicht, dasz d'Menschen zum wénegsten aagesin, dasz sie all zesoimen e Staat bilden, an net d'Versammlung vun epoir hires gleichen, dé sech eege'mæchteg d'Recht oigemoost hoin, se ze ennerdréken. — Haut steet kenger Freiheet neischt mé entgéngt, wann se nur net zu Zwecken gemisbraucht get, dé der Gesellschaft schièdeleg sin! — Och besteet d'Regérong vun haut aus de gebildetsten an oi'gesinste' Mænnern vum Land, denen d'Woil vum Volk oim Hierz leit, an dé sichen seng Bildung esó weit ze bréngen, dasz zólescht dé æcht Freiheet vun alle' Letzeburgern erkannt get. — Over zó deer Freiheet as d'Volk am allgemengen nach laang net zeideg; nach vill schièdlech Grondsætz musse' verdrieue' gin, éher et als selbststændeg optriède' kann! — Zó deem Zweck alsó as Bildung nédeg, an du-rech d'Opklærong vun eenzelnen verbreed sech d'Liicht noh an noh an all Klasse' vun der Gesellschaft. Dé wiichteg a' schwéer Aarbecht over, Liicht an Opklærong ze verbreed, fir deen Zweck, d'Bildung vum Volk noh enger guder Riichtung ze leeden, dé wiichteg Aarbecht soll durech eng gut Beléerung am Collège virgeholt gin; over nun heescht et, waat fir Instrumenter, a' waat fir Aarbechter gebrauchen, fir an deer Wierkstaat, oin der Freiheet, am rechte' Sénn, ze schmieden? — Dé Froh iverloszen ech mé erfoihrne' Mænnern! —

Mer wellen hei nach nièvelaangsch sohen, dasz d'Erzèhung an d'Beléhrung vun engem Volk esó e wiichtege' Ponckt as, dasz e vir allen aanere' verdéngt, an Oicht geholt a' gepflegt ze gin, an dasz, fir deem nohzekommen, d'Tendenz vun de Gemengen a vun alle' Philantropen, noh deem Zweck, verdéngt vun enger weiser Regéerung protegéert ze gin, fir dasz endlech all d'Menschen d'Bedierfnes fillen, hiren eegene' Wierth kennen ze léhren, — bes endlech d'éweg Trant, deer eng gesond Politik nach haut zógesin musz, vum selve' verschwéndt, all Streidegkeeten, vu' welcher Aart se och sin, verschwannen, a' frei Menschen sech zólescht als Brider emarmen! — Fir waat erkennen d'Menschen over daat Glék net, obschon d'Natur en allegoir e Strièven doirnoh, sógoir als en déesgefillte' Wonsch oin d'Hierz geloigt hoit? — Dee' Fehler kémt dohier, well keen Zótrauen ennert en herrscht, an daat Mistrauen kémt dohier, well d'Volk gewiènt war, ennerdréckt ze gin, a well nach haut een zech iver deen aaneren erhiève' wélt. —

Wann over endlech dé vill Misbræucher, dé haut nach bestin, emool verschwannen, oder villméh, wann d'Menschheet emool esó weit gebilt as, dasz d'Misbræucher vum selven, noh dem Gang vun der Natur, verschwannen, da' kann s'eréscht gléklech genannt gin!!

Letzeburger! zó deem Glék hoi' der fir d'Zókonft d'Mettel an der Hand, an daat Mettel as eng gut Instruction vun der Jugend; alsó, woot eppes droin, dee' Soom, deen der haut ausséht, werd an der Zókonft seng gut Friichten droh'n. — Haut hoi' der Freiheit, a' wie' wees, ob daat Glék, wann et net erhaale' get, laang fortdauert!

— Sicht alsó eeren Nohkommen eng gut Erzéhung ze gin, an hinnen daat Glék beizebehalen, daat dir haut genésze' kent. — Vun enger aanerer Seit werd hoffentlech eng gut Regéierung só e Leiden, dé hir Existenz deem schéenen a grossen Zweck, der Erzéhung vum Volk næmlech, widmen, all Léeft an Achtung erzeegen.

Denkt alsó oin de sché' Friichten, dé dee' Soom brengt, deen an dem schwaarze' Gemæuer vum Collège ausgeséht get!

Letzebureg, den 13ten Haartmoont 1843.





D'GESCHICHT

VUM LËTZEBURGER COLLÈGE.



Hoit net jidver Land bei séngem Entstohen,
Zum éschte seng Diichter, daat musz ech ièch frohen?
Gesi' mer daat net an alle Geschichten,
Besonnesch oim Homer senge Gedichten;
Over waat as geschit an allen de Lænnern?
Do hoit ee' besongen dé vreeschterlechste Mænnern;
Mais loszt mir et hoilen e wéneg mé kleng,
'Well daat wir ons och e bés'chen ze reng;
Doifir ech nure' ganz simplement soh'n
D'Geschicht vum COLLÈGE seit sengem Entstoh'n.

De Collège, 'wé der wést, vun enne' bis oiven,
Zum wénegsten d'Haus gów præchtech erhoiven,
Erhoive', soh'n ech, vun zwó frumme' Frahen,
Dé doifir am Himmel och Bisquite' knahen;
A kaum war et fierdeg, dir Mensche' bedenkt!
Dó hoin s' hirt grósz Wierk de Gesuiichter geschenkt:
An déne' Gesuiichter si' mir den Dank schélleg,
Dasz haut deer Gelérter gin esó vélleg.

Nuu' bong, d'Gesuiichter dé haaten dann d'Haus,
Do sohten se drop, waat maache' mer draus? —

E Collège, soht een, dasz mer d'Jéngelcher léhren,
 E bésselche' besser ons Stemmen ze héhren ;
 Waat soht der doirzó, dir Here' Confratern ?
 De Roht as net schlecht, sohten allegoir d'Patern :
 Mer wellen also e' Collège draus maachen,
 Da' kenne' mer léhren dé allerschénst Saachen. —

Nuu' bong, e Collège gów hierop gemaacht
 (D'as hinnen eendun op der kreischt oder laacht) ;
 Do léerten se d'Physek an och d'Aaalchimey,
 An d'Grékescht desgleichen, d'Latein nach derbei,
 Och Philosophie, kurzemm all der deivel ;
 Do kont et wõil gooh'n, do oin as keen Zweivel ;
 Hir Méh gów och drop gut recompenséert,
 'Well dichteg Subjecten hoin sie geforméert. —

Daat góng esó vieroin vun Hænnen zu Hænn,
 'Lei mecht d'Republique* onsem Spilchen en Enn.
 D'Gesuiichter, de mussten nuu' laafen hirt bæscht,
 'Well dé hoit vun allem hir Hænn sech gewæscht. —
 En aaner System gów nuu' aa'gefóhert ;
 En aaner System, waat hoin ech gehóhert !
 Statt Geeschlech waren nuu' Leit vun der Welt,
 Dé alles gier dun, over nure' ———,
 Dé all hir sché' Saachen elei hoi' geléhert,
 A' moincer Kæpchen domat hoi' bekéhert.
 Nuu' waren d'Elève' mat Tromme' versin,
 Wé Conscri'en dé an d'Campanien gin ;
 D' Studenten hoin over och gut's hei gedoohn,
 An Ièrbel voll Preiszer all Johr heemgedroohn. —

* D' franzésch République.

D'war over am Ganzen net vill mat der Saach,
 Bes noh'm grosze' Keeser seng'm grausamen Daag;
 Do gów erém alles ganz nei reforméert,
 An onse' Collège frésch organiséert. —
 Aus Deutschland, aus Frankreich kommen d'Gelehrten erbei,
 Dé zum Woil onses Lands och wollten droh' bei;
 Kuurzemm de Collège gów nuu eppes méh:
 E Kinecklecht Groszherzogs Land-ATHÉNÉE!!
 Keng kleng Saach, ma foi, daat musz ech gestooh'n;
 Mais loost et sein Train 'mol é wéneg 'só gooh'n. —
 Nuu' gówen't Studenten, dé Schnorréen haaten,
 Dobei den Ovid a' Virgil iversaaten,
 Denen 't fauschtendeck hanner'm Ohr residéert;
 Do hoit sech woil moincer Færs'che passéert.
 Enner aanere' lauschttert en etlech mer noh:

D'MARJONGELÉ AN SEIN ONGLÉK.

Mais Gustav, waat as, woifir laachs' d'esó do? —
 Oh! hætt's d'et gesin, waat hætt's d'och gelaacht! —
 Waat as da' geschit, waat hoit der gemaacht? —
 Nuu' denk, d'Marjongelé, daat kaum nach kan trièden,
 Daat góng elo vierenst an d'Kirech do bièden;
 D'kóm 'rem vun do hièr, do waren d'Klaasse' grad aus,
 An d'Menschchen, net grészer als wé eng kleng Maus,
 Kóm lois iver d'Gaas wé eng Intche' gejuppt;
 'Lei kémt e Student graad op et gefluppt. —

Dir Schwei', schnaupt et s'oin, dir sit woil recht frech ;
 A gleich drop spréngt een iver d'Hauv em eweg.
 Ja, d'Medchen daat iergert sech driver zum bæschten ;
 All sprangen se driver bes graad op de Læschten. —
 Do g'seis de, mei' Medche', bas d'e wéneg geléert,
 Fir waat een d'Studenten elei insultéert. —
 De Professor kémt drop, an daat bréngt em seng Klo.
 Jo kukt dir ièch saat, kée' Student wor mé do.



DE METTES MAT DER DUN.

'Lo geschter, daat wor an der Klass,
 Du wees jo wé de Mettes as ;
 De' stong graad vir der Dir,
 'Lei mécht deen iver't 'Dun sech hir ;
 A baal doirnoh deet hièn se op :
 Bardaufdeg heet den Dapp em drop,
 Dasz bes oim Hals s'em hoit gestach ;
 Nuu' héer daat schénst eleivun nach :
 Wé hièn esó do hoit gestaan,
 Do kóm den 'rem eraan :
 Herr ech kann net derfir ;
 Kom du, mei' Jong, e wéneg hir ;
 En zéht seng Dun, gepóft vum Dapp,
 Baal mat der Nois em aus dem Kapp,

A' weider hoit en neischt gemaacht.
 Waat hoit deen d'Væuscht sech voll gelaacht !

Dé do Geschicht kann ée' beléhren,
 Sei' Lièven oi' keng Dun ze réhren.



D'GESCHICHT VUM IESEL.

Vir d'Poirt do strékt e' plumpe' Bauer
 E' schénen Ièsel fest oin d'Mauer,
 A geht drop de' Geschæften noh,
 A lészt sein Ièsel hongrech do. —
 Nu jeitzt deen aarmen Deivel do,
 Well hièn de Spilman haat am Mo.
 De Gustav fillt Barmhierzegkeet,
 Wé hiè' gesóch daat Ièsels-Leed. —
 E mécht e lass a setzt sech drop,
 A rennt an d'Pletz am helle' Galopp.
 Nu góng et oin ma'm aarme' Schnass,
 Well hie' rennt mat em aan an d'Klass.
 De Schnass wor over nét genéert,
 Well hiè' bei Brider gów geféhrt. —
 'Lei kémt de Studente', ganz óné ze laachen,
 D'Loscht oin den Ièsel Professor ze maachen;
 An op d'Estrade dun sie e' féhren,
 Fir d'Ièsels Weisheet oinzehéren. —

All wore' grad mat lauschtren droin,
 Do song de Schnass ze jeitzen oin! —
 Wé de rechte' Professor daat Jeitzen do héert,
 Do kémt e' ganz huurteg erbei gemargéert. —
 Waat heescht daat elei!! waat maacht der clo!
 Dir lauschtert statt menger deem lèsel do noh!
 Eraus, eraus mat deem domme' Schnass,
 Dee' goir net wees waat Esthétik as;
 A lost mech op seng Plaats mech setzen,
 Mat menge' Léhren ièch ergetzen! —
 Kaum war daat mæchtegt Wuurt prononcéert,
 Do as den lèsel heraus gespatzéert.
 D'Studenten dé mussten we vireweg héhren,
 Dem hochgelahrte' Man seng traureg Léhren.



Nu lost erem heivun op d'Geschicht'che' mer goh'n,
 Fir de Rescht vun onser Seh'chen ze soh'n :
 Grósz war de Professor'n hirer Méh hire' Lóhn,
 'Lei brecht jo net aus d'belsch Révolution. —
 Nu geseit mer eréscht, wièn hætt et gedoicht,
 Waat sie grósz Subjecten erfir hoi' gebroicht!
 'Lei leeft, waat nemen e Sabel kont drohen,
 Fir d'Hollänner aus der Belgique ze verjohen.
 Et war Politik, mer solt et kaum denken;
 Der Freiheit, deer wollten hirt Lièven se schenken;
 Over moischer Kæpchen, 'só stolz an esó grósz,
 Am Enn vun dem Spilchen am Drekelche' sósz;

Dé aaner, dé dichteg erdurch sech geschloon,
 Geseit mer e Kreiz'che' ganz stolz dohier droohn. —
 Waat hoin se gemaacht mat all hirer Mèh?
 Dem Land kee' grósz Glék, an hirt och net mé;
 D'Staat an de Collège war'n an de Staatmauern
 Ganz traureg gespaart, an 'só mussten se lauern
 Bes dat hinne' kém mé e gléklechen Daag. —
 Do stóng et woil net só goir gut mat der Saach. —
 De Collège fong oin esó lois ze verfaalen;
 Zum Glék war'n nach Mænnern, dé hoin en erhaalen. —
 Mé d'góngen dra' fir grósz Révolutionen,
 Bes endlech noh'm Enn vun den Discussionen,
 Do get d'Monarchie, hei gesit d'Politik,
 Gleich wé iverall, só och hei — Républik.

Daat kont de Collège ganz eleng nach sauvéren,
 Well nu' sin't all d'Membren, dé deliberéren.
 Nu' geet et och viroin op solidem Fósz;
 D'geet spéder nach besser, villeicht och mé grósz. —
 D'geseit ee' ganz noh an der Zókonft scho' bléhen,
 Eng Academie, dé gut Friichte' ka' kréhen. —

Mer well'n de Collège emool loszen 'só gohen,
 Fir vun de Studenten nach eppes ze sohen. —
 Der wesst, wó 'só vill der Jengelcher sin,
 Bés Kæpcher och moinchmol ennert e gin,
 An aaner, dé léver neischt du' wé spatzéeren;
 D'ass wiirklech kommóter wé do ze studéeren;
 An doirzó get nach eng kleng Peifche' geraacht. —
 Mé doirgengt hoit d'Chambre é Méttel gemaacht.
 Waat, soht d'Republik, hei must der studéeren,
 An net dé gut Zeit esó mészeg verléeren. —

Nu' bong, e Pedell, dee' sollt d'Jengelcher hidden,
 Fir hinnen den Aagang vum Niersch ze verbidden.
 — Dé Handlong do as woil nobel a grósz,
 Well hei bezilt ee' mat Florengen d'Bósz. —
 (Daat Geldchen, daat musz woil dem Portier gefaalen,
 Well d'gin epoir Scheppcher fir onsen Aalen.)
 — Vergièst den Devoir bei eerem trainéeren,
 Da git der och Donneschtes quelle' spatzéeren;
 Gefällt daat ièch net, da jeh an de Back,
 Do ként der da' lauschtern op d'Kireche' Klak.
 — Daat si' géngt de Faulenz dé bescht Medecinnen;
 Nu' laacht oder kreischt, waat mecht daat woil hinnen.



OIN D' GEÉERT HERE' LIÈSER.

Mat Zóversicht op eer Woilgesenntheet hoin ech mer
 erlaabt, eng Klengegkeet enner eer Aa'n ze leh'n, waat
 nuren e Versuch as, vun deem ech ièch bièden, d'On-
 vollstænnegkeet ze verzeihen, an daat aus folgenden Ur-
 saachen :

Bes heihin hoit ee' gesin, dasz dé meescht litteraresch
 Producten vun de letzeburger Fièlzen, enner de letze-
 burger Here' Compatrioten nuur wéneg Stullgang fond
 hoin, só dasz dé meescht vun de Laansleiden, dé et eemol
 gewoot hoin, e Kapstékelchen enner d'geéert Publicum

ze gin, an der Zókonft daat gerengst net mé vun deer Aart probéert hoin.

Iveregens, waat as haut den Zweck vun de meeschte' Bicherschreivern? Dé eng, dé blós vun hirer Eege'léft oigedrive' sin, fir hir Talent der Gesellschaft auszekroomen, fannen sech meescht bedruun, sóbaal den Egoïsme zevill aus hirem Wierek herfirliicht. — Dé aaner, dé blós fir de boren Droht schaffen, an denken, mat epoir dire' Blièdern, dé se an epoir Degen zesoimen knivelen, Renten eraus ze brengen, sin ebenfals domat am Irrthum. — Déjéneg endlech, dé an deem Zweck aarbechten, fir gut Saachen ze verbreeden, an dé dooan hirt Glék sichen, hiren Nièvemenschen nétzlech kennen ze sin, aarbechte' woil an deem beschten Zweek, sóbaal se hinreechend Kentnessen, mat hirem gude' Welle' verbannen. — Haut over as de Weh durech d'litterarescht Feld schwéer ze betrièden, besonnesch dodurech, well dé meescht Lièser, weit entfeernt engem Talent, daat sech der guder Saach widmet, Muth an Hoffnung aanzeflészen, nure' meescht doirof bedoicht sin, e Wierk ze kritizéeren (waat iveregens vill liichter as, als wé ze verbessern), als den æchte' Wierth dervun ze schætzen. Och sin dé grósz Verschiedenheet vun de' Meenongen, an d'persénlech Verhàltnisser, en Emstand, deen zevill a' Recksicht geholt get, fir eng Zaach ze beurthelen. Daat aalt Sprechwuurt seht och : d'mécht keen Heelege' Mirakeln a' sengem Land (waat ech iveregens goir net op meng Bagatell oiwenne' well). Mais wann mir eng kleng Bitt oin meng Compatrioten erlaabt wir, da' géf ech se bièden, op all Aart d'netzlech Kénschten ze protegéeren, fir dass an der Zókonft

d'Industrie sówôil als wé d'Litteratur de Ponkt erreechen,
deen s'an aanere' Lænnern hoin, an dasz zólescht ennert
dem Freiheitsbaam op dem Gippel vun de' Letzeburger
Fièlzen, gléklech Menschen hire' Virfoihren éwegen Dank
fir hirt Strièven wessen.

ENN.